Wat heescht dat fir Iech als Lieser oder Visiteur vun der BnL?

A chronologescher Reiefolleg:

- Zanter dem **Freideg, 21. Oktober** kënnt Dir keng Demande am Prêt international méi maachen. Dir kënnt Är ausgeléinten Dokumenter ewéi gewinnt zréckbréngen. Mir bieden Iech, d'Delaie vum Prêt ze respektéieren. Dir kënnt och keng Acquisitiounsvirschléi (propositions d'acquisition) méi iwwert den a-z.lu maachen.
- All Reservatioun vun Dokumenter, déi **bis en Dënschdeg, 22. November** gemaach gouf, gëtt 7 Deeg méi laang fir Iech gehalen (vu 7 op 14 Deeg). Dir kënnt d'Dokument och op der Plaz am Liessall consultéieren. All Prêt, dee **bis en Dënschdeg, 22. November** inclus gemaach gouf, gëtt fir d'Dauer vun der Transitioun automatesch verlängert.
- Ab dem **Mëttwoch, 23. November** kënnt Dir keng Reservatioun, kee Prêt a keng Verlängerung vum Prêt vun Dokumenter méi maachen. Dir kënnt Iech och net nei an enger Bibliothéik vum bibnet.lu Reseau aschreiwen, an och Är existéierend Aschreiwung net verlängeren.
- Ab dem **Mëttwoch, 23. November** fiert de Bicherbus keng Tournéeën, an d'Reservatiounen an d'Acquisitiounsvirschléi vun Dokumenter si gespaart.
  Betraff sinn d'Tournéeën T03 (23.11), T04 (24.11), T06 (29.11) an T15 (26.11). Fir weider Informatioune kuckt w.e.g. am Kalenner op der Websäit www.bicherbus.lu.
  D'Dokumenter, déi virum Dënschdeg, 22. November reservéiert goufen, gi bis zur nächster Tournée gehalen. Den Delai fir lafend Prête gëtt automatesch verlängert.
- **Wärend dëser ganzer Zäit hu Dir Accès** op eis digital Offer (ebooks.lu, wëssenschaftlech Online-Ressourcen). Och den eluxemburgensia.lu ass weiderhin disponibel. De Liessall bleift op fir d'Lieser vun der BnL. Dir kënnt d'Dokumenter aus dem Liessall oder Är reservéiert Dokumenter duerchkucken; d'Imprimanten an d'Scannere fonctionéieren ewéi gewinnt; Dir kënnt d'Dageszeitungen, an déi aktuell Ausgabe vun den Zeitungen an Zäitschréften am Liessall consultéieren; an Dir kënnt Är ausgeléinte Bicher zréckbréngen.

Ab **Mëttwoch, 30. November** kënnt Dir ewéi gewinnt erëm an Är Bibliothéik goen an Iech aschreiwen, Är Aschreiwung verlängeren, Är Dokumenter zréckbréngen an Är reservéiert Dokumenter siche kommen; Dir kënnt d'Servicer vun Ärer Bibliothéik notzen iwwert den a-z.lu, fir ze reservéieren, ze verlängeren an Acquisitiounsvirschléi ze maachen; D'Servicer vum Prêt international a vum Bicherbus fonktionéieren och erëm.

Wat musst Dir maachen, fir Iech am a-z.lu déi 1. Kéier nom 29. November unzemellen?

Wann Dir déi 1. Kéier op de **Portal a-z.lu** gitt, musst **Dir Äert Passwuert zerécksetzen**, fir erëm vun eiser ganzer Online-Offer ze profitéieren. Äert aktuellt Passwuert ass wéinst dem Schutz vun Äre perséinlechen Daten net migréiert ginn.

- Klickt op „s'identifier/anmelden/sign in".
- Wielt den institutionelle Grupp vun Ärer Bibliothéik aus. All Bibliothéik gehéiert zu engem bestëmmte Grupp vu Bibliothéiken (ëffentlech Bibliothéiken, Schoulbibliothéiken, …). Kuckt w.e.g. op der Iwwersiicht, zu wéi enger Grupp vu Bibliothéiken Är Bibliothéik gehéiert.
- An der Fënster „Connectez-vous à votre compte / Mit ihrem Konto anmelden / sign in to your account" hutt Dir 3 Méiglechkeeten:
  1. Dir sidd bei der Universitéit Lëtzebuerg ageschriwwen, klickt op de Link uni.lu fir Iech unzemellen.
  2. Dir sidd an enger Schoul ageschriwwen, klickt op de Link CGIE fir Iech unzemellen.
  3. Dir sidd an enger anerer Bibliothéik aus dem bibnet.lu Réseau ageschriwwen, z.B. der BnL, klickt op „Mot de passe oublié/ Passwort vergessen/Forgot Password". Gitt am Feld „User identifier/Benutzerkennung/Identifiant usager" Ären Identifiant un, a klickt op Soumettre/Absenden/ Submit ».

     Suivéiert d'Instruktioune vum Message déi op Är E-Mail Adress geschéckt goufen. Dat neit Passwuert soll minimum 11 Charakteren hunn, mat grouss a kleng Buschtawen, Zuelen a Spezialzeechen; Dir dierft Ären Numm oder Deeler vun Ärem Numm net benotzen.

     Nodeems Dir Äert neit Passwuert aginn hutt, kënnt Dir Iech normal op a-z.lu aloggen.

Op Ärem Lieserkonto: fannt Dir Är Demanden a Prêten, déi nach opsti vu virun der Transitioun, an Är aktiv Transaktioune vum Prêt international.
Är **Favoritten** (ofgespäichert Notizzen a Recherchen, an hire Historique) vun Ärem Konto gi net mat migréiert. Dir hutt awer d'Méiglechkeet déi Donnéeë bis de Freideg, 25. November via den EasyBib ze exportéieren**. Leider fonctionéieren och d'Linken zu de** bibliographeschen Notizzen, déi Dir an Äre Favoritte gespäichert hutt, net méi.